



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir bannenzeg Sécherheet Henri Kox an dem Minister fir d'Fonction publique Marc Hansen op d'parlamentaresch Fro n°5087 vum 11. Oktober 2021 vum Här Deputéierten Léon Gloden.

Ad 1.):

Obwuel d'Gesetz iwwert de Changement d'administration d'Arméi, d'Police an d'Inspection générale de la Police mat abegräift, ass et awer aktuell nach net méiglech, fir iwwert de Wee vum Recrutement interne an de Police-Kader eriwwer ze wiesselen. Dëst ass bedingt duerch déi spezifesche Ufuerderungen, sief et un d'Ausbildung wéi och un den zukünftege Polizist. D'Méiglechkeet vun engem Recrutement interne an de Police-Kader beinhalten deemno d'Ausschaffe vun enger Prozedur sou wéi och eng Upassung vun de Gesetzestexter.

Ad 2.), 3.) 4.) et 5) :

Effektiv huet et, wéinst Iwwerpräiwungen, bei dëse Kandidate méi laang gedauert, bis déi eenzel Arrêtée geholl goufen. D'Arrêtéeën de nomination fir an de groupe de traitement B1 sinn awer réckwierkend op den 1ten Abrëll 2021 a Kraaft getrueden.

Lëtzebuerg, den 08. November 2021

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX